

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Et ass schonns méi laang bekannt dass iwwer 80% vun den Awunner aus eisem Land, e Manktem un Vitaminn D opweisen. Et sinn an de leschte Méint Studien erauskomm, déi besoen, dass en Manktem un Vitaminn D zu engem méi schwéiere Verlaf bei enger Infektioun duerch de Coronavirus géif féieren. Och wann de Vitaminn D net virum Virus selwer schützt an och keen Heelméttel ass géint de Virus, sou kann en Manktem awer schiedlech sinn an dat och net nëmmen am Hibléck op de Coronavirus, mä allgemeng.

Ech wollt dofir d'Madamm Ministesch froen:

1. Zënter e puer Joer gëtt bei Bluttanalysen d'Analys vum Vitaminn D-Spiegel net méi zeréckbezuelt. Wat waren d'Grënn fir dës Entscheedung?
2. Ginn et aktuell Zuelen zum Manktem vu Vitaminn D an der Bevëlkerung?
3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung dass dës Manktem allgemeng fir de gesondheetlechen Zoustand vun der Bevëlkerung en Problem duerstellt?
4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass de Staat sollt agräifen, z.B. mat Sensibiliséierungscampagnen, fir dem Manktem vu Vitaminn D bei den Awunner entgéintzewierken?
5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass eng besser allgemeng Versuergung mat Vitaminn D, grad elo an der Coronakris, eng Hëllef wier, bei schwéiere Krankheetsverleef am Fall vun enger Infektioun ?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten